

DE RITTER SCHLÉKEBESLER VUN HUESESCHRECK ZITT AN DE KREIZZUG.

Unbluddegt Drama mat Blutverge'seen an 3 Akten. - Perso'nen: Ritter Schlékebeseler vun Hueseschreck; seng Madame; sein Dinger Johann; de Keser Friedrich Rotbart; en Herold; en Tirk; d' Lisette, dem Ritter sei Streitross.

—O-O-O-O-O-O-O-O-O-O-O-O-O-O—

1. Akt (am gro'sse Rettersall)

Denger (brengt o'ni e Wuert ze scen dem Ritter sei Wopen eran an hängt et iwert den Tro'n. alles ganz feierlech.)

Ritter (fe'ert seng Madame durch de Rittersall bis op hir Plâz wo' si sech sëtzt): Ech, ech sin de Ritter Schlékebeseler vun Hueseschreck, an hei ass meng Madam. Ech hun zwar ké sche'nen Numm, mé önnner menger Rüstung schle't e richtig Ritterhierz. Ech weisen iech, an drei Akten, meng Erliewnisser aus dem Kreizzug. Passt gudd op, elo gét et un. (Streckt sech a gápst.)

Madame, ech langweile mech schrecklech; et ass bal fir ze vergadderen hei an deser Burg. Ech geleschten emol erem no Bludd. Mé zanter de neien Keser um Rudder ass, hu mer Fridden an Uerdnung am Land. Ech hätt le'wer kome'di wo' ech mei Schwert fe'ere künnt, wo' mer onst Land vergre'ssere künnten, a wo' et eppes ze erliewe ge'f.

Madame: Mé sief doch verstänneg, Schlékebeseler, ech sin eso' fro' dass et emol ro'eg am Land ass, an dass du de ganzen Däg bei mir kanns sin.

Ritter: Ech net, an ech geng le'wer nach haut an de Krich we' ere'scht mar, oder mengt dir, Madame, mei Courage a mei kräftegen Arem wäre gemach fir hei de ganzen Däg den Dripsal op den No'ten ze blösen a Ritterturne'er an der Televisio'n ze lauschteren. ———Mé ech hun eng Ahnung we' wann eppes un der Däglicht wier. Am Radio erzählen se mer eso' vill vum Höllege Land, an ech mengen do bummert et geschwen, an dann, Madame, sin ech den o'schten an der Reih.

Madame: Je, a Fra a Kanner am Stech lüssen, eso' eppes gleicht iech Mannsbe'schten nach; fir den Tirken nozeläfen vergiessen se alles, an nach an dese schwe'ren Zeiten, wo' all Minutte Raubritter ons kann huele kommen.

Herold: (künnt ganz kamess eran, schle't op seng Tromm, stellt sech virun den Tro'n, wo' nach d' Madame drop sëtzt, de Ritter stét donlewend. Hie liesst aus enger Full eng Proklamatio'n a mecht bei de Wieder "Késér" a "Ritter" eng Verseigung): "Wir Friedrich, durch Gottes Gnaden, Kaiser des heiligen römischen Reiches deutscher Nation. Tapfere Herzöge und Ritter, Retter unserer christlichen Civilisation."

"Das heilige Land ist von den Türken besetzt. Die heiligen Stätte werden entehrt, das Blut unserer Christenbrüder fließt in den Strassen von Jerusalem." "Wir rufen zum heiligen Kreuzzug auf, um das heilige Land aus den Händen der Barbaren zu befreien. Friedrich, durch Gottes Gnaden, Kaiser des heiligen römischen Reiches deutscher Nation." (Den Herold schle't nach eng Ke'er op seng Tromm, dann zit en sech zreck a gét nach eng Ke'er an en Eck vum Sall seng Proklamatio'n lesen, aver ömmer me' lues we' wann en ömmer me' weit ewech wier.)

Ritter (huet iwerdems gutt nogelauschtert; bei "tapferer Ritter" get en e Kapp me' gro'ss, bei "Kreuzzug" zitt e sei Schwert. Ganz zefridden sët en dann;) Endlech Krich!

~~XXXXXXXXXXXXXXXXXXXX~~

~~XXXXXXXXXXXXXXXXXXXXXXXXXXXXXXXXXXXXXXXXXXXX~~

Madame: Schlékebeseler, du wärs doch net.

Ritter: Dach, Madame. ——— Johann!

Denger (künnt eran a bleiw an angemessener Entfernung steen.)

Ritter: Johann, schier t' Lisette un, mir ze'en an de Krich.

Denger: Hurrah! (of) (T' Madame sëtzt do ze kreischen)

Ritter: ME wat kreischt der dann, ech kommen doch erem. (of. en dét e weist Kled un, deriwer Rüstung a Schwert, dorop macht en e gro'sset ro'd Kreis, a sein Helm)

Denger (fe'ert t' Ferd eran, dat och e ro'd Kreis dre't, den Denger pak't sei Kucksäk mat allme'glech Proviant a Material, Kompass, Landkart, Spektiv a Bido.)

Ritter (kent eran; Denger récht sei Schöld; kne't virun der Madame a keest hir t' Hand;) Au revoir Madame.



Madame: Bleiw hei, (Et muss en ergreifenden Abschied sin) Schlékebeseler!
(le-sst sech op hire Setz fâlen.)

Ritter: Madame, ech muss. Mei Késer rífft.

(Denger huert t' Lisette am Zâm an hülleft dem Ritter opklammen.)

Ritter: Opgepasst an net geziddert. En avant marche... (se peifen: Malbrough s'en va-t-en guerre...)

-o-o-o-o-o-o-o-o-o-o-

2. Akt (an der Wüste viru Jerusalem)

Ritter an Denger schléfen sech durch t' Wüst. Dem Ritter sei Bauch ass ganz vergangen, hire Rucksak ass eidel; t' Perd wüllt net me' viru goen.)

Ritter: Dajé Lisette, gef elo net belsch; mir si gleich do. Da kriss de ech e ganzen Emer Framboise beienén.

Denger: Et kann én dem Be'scht neischt verdenken. Bei eso' engen Hützt ge'f ech mech ech le'wer duer léen we' hei de schwe'ere Rucksak schléfen.

Ritter: Maja, apropos Rucksak, wat hues de nach deranner?

Denger: Fir z'iessen neischt, a fir ze drenken nach vill mander, mé fir ze schléfen gét et nach velechen duer. (Si bleiwen all steen, Ritter klümmt vum Perd erof, Denger dést de Rucksak of.)

Denger: Uff - elo get emol mein office de ravitaillement opgericht. Méschter, brengt är Tikén, da kritt der är ratio'n Knetschgummi, de ass vill drun ze knaan.

Ritter: Weis emol fir t'e'scht eis Topographie hier, soss obémol hu mer eis nach verláf. (En hüllt Kart a Kompass erfier a kuckt duerch t' Spektiv -- mam Schwert weisen). Nord-südwestlech de muss Jerusalem leien.

Denger: (sötzt iwerdems hannert dem Ritter an hüllt e puer Schluppen aus dem Bido. Lues fir sech:) Dát ass meng hémelech Mo'k, a wann de Méschter schon läng verflachtet ass, dann hun ech nach velechen ze schluppen. Prost!

Ritter (dre't sech em a geseit sein Denger de drenken. Rosen:) Aha, de hu mer et jo; seit drei Dég kre'en ech neischt me' ze drenken, an de jongen Här huert nach emmen seng Privat-Zetèr. Mä duefir solle Du mer be'ssen.

Denger: (werft sech op t' Kne'en) Verzeihung Här.

(Ritter zitt sei Schwert a wüllt den Dinger kâppen. An dem Abléck könnt en Tirk eragestirzt)

Tirk: Allah, allah! (sprengt op t' Perd dur a stecht et nîdder)

Denger (lâft fort): Hëllef Här, t' Tirken sin do!

(De Ritter ass ganz erschreckt a le'sst sei Schwert fâlen, a wés net, wat e soll mâchen. Den Tirk schneit e Gesicht we' wann en de Ritter friesse wüllt!)

Ritter (geseit, datt et éecht get, raft sei Schwert op, strept t' Aerem erop:) Aha, lo hun ech jo én, un dem ech meng Roserei kann auslossen. Dajé Mânchen, bass de berét ze stâerwen?

Tirk: Allah, allah! (gét gleich op de Ritter lass).

(Zweikampf. frei fir auszefe'eren. Et macht gudd wann e Schwert brecht, a wann den Tirk dem Ritter sei Schôld epuermol bere'ert. Fir dass t' Stéck zum Happy End könnt muss de Ritter gewinnen.)

Ritter: Geseis de, dát hát Schwéss kascht, mé ech hun dach kritt. -- Johann, Johann! A wo' ass dên? Dé sehngt ugelâf ze sin. Johann! Ma da sin ech jo elo sohe' belâffelt; ké Perd me', ké Johann me', ké Wässer a ké Knetschgummi me'! (De Monolog, dên elo follecht, soll undeiten, we' e Jerusalem erobert. E get sech selwer gleichsam de Kommando a mecht sech Courage fir an de Kampf ze ze'en.) Schlékebeseler vun ... Courage. Dehannen ass Jerusalem. Dát muss frei gin, dát get am Sturm geholl. Wann se mech gesinn, da läfen se. Courage (brüllen a mam Schwert firgoen - stîrmen) A l'assaut.

-o-o-o-o-o-o-o-o-o-o-

3. Akt (erem an Rittersall)

T' Madame sötzt op hirer Plâz am Trauerkléd. Si kreischt nach Eimer a bied en iwerdimensionale Ro'sekranz fir hire Mann.

Radio (eng Stömm): Hallo, hallo! Hier ist Radio Hauptquartier. Wir bringen Fremdnachrichten: das Oberkommando der reitenden Gebirgsmarine gibt bekannt: zur Zeit wâhren schwere Kämpfe vor den Toren Jerusalems. Der Ausgang dieser Schlacht sei noch ungewiss, doch ist mit schweren Verlusten auf beiden

Seiten zu rechnen. Die vordersten Linien melden schwere Materialschäden.
Ende der Nachrichten. Jetzt leichte Tanzmusik.

Madame: We' schrecklich!

Denger (kunt eran o'ni dass t'Madame e geseit): Uff, do wäre mer jo erem. Lo muss ech mach awer noch gudd verstellen, dass en anständigst Stéck Drenkgeld bei der Aler erausfällt fir mech. (zur Madame:) Oh Madame, wat eng traureg Noricht, ech kann iech et bäl net soen...

Madame: Oh Johann, bringst du mir traureg Norichten vu mengem Mann?

Denger: Oh Madame, mir waren ausernengert an ausfischtert, o'ni Kräft an o'ni Säft; du just meten an der wüst gi mir iwerfall. Zu dausenden an honnertdusenden kommen se op ons duer. Oasen Här huert sech dāper geschloeset der Dosen huert hien hinnen t'Käpp erefgehaen, no all Stréech hun ech sei Schwert frösch geschloef. MA op émol kommen se vun alle Seiten, vu rechts a vu lenks, vun uewen, vun enen; ech läfen hier, ech läfen duer fir mengem Här ze halafan. Mé ze' ké me' vun onsen edle Ritter lieweg wor, du ko'men se op ons zwé duer. Mir wieren ons mat Häan a mat Fe'ss, mé we' ech aus mengem Fommel erwächt sin, du le'g ech enert onsem do'dege Lisette, ronderem lauter Leichen, Chröschten an firken durchernén. De rescht kann ech iech net erzielen, staas ze vill firchterlech. A wat sollt ech du máchen? Ech begruewen ense le'wen Här, machen e Kreuz op t'Graw a stellen e puer Blummen drep. Mé tre'scht iech Madame, éren Här hat e sche'nen Do'd. Kán Zentimeter sin ech vun him gewaech, an hie set mer nach kurz viru sengem Do'd: "Johann, drei Goldstécker kriss de de ho'nt weider, an e Fäss vu mengem beschte Ro'den aus dem Keller nach derbei, wanns de bis zum Schluss duerhälls." Ech denken, Madame, die wärt de leschte Wunsch vun érem Mann gér erfüllen.

(T'Madame ass schon an der Mütt vun der Ried ashwachgefall.)

Ritter (küntt eran, vun uewen bis ünneen verbennen a grad eso' verrösch, we' wann e grad aus dem Kriech ke'm. Gudd mscht, wann en op enger Trotinett fiert. Hie streckt sei Schwert an t'Lücht:) He'ch de Ritter Schlékebeseler von Haueschreck, he'ch de Ritter a Befreier vu Jerusalem.

Denger (kuckt ganz domm dran. Ste'ast t'Madame:) Madame, Madame, den Här ass erem!

Madame (kuckt op a reiw sech d'Aen. sprengt op:) Oh Schlékebeseler! (fällt dem Ritter an t'Aeren.)

Ritter (holt t'Madame bei der Hand, fe'ert se op hire Setz an erzielt er dann e vollar Begáschterung:) Madame, dat war e Kreizzug! Neischt an ho an neischt an Rucksák. Ronderem ons lauter Sand. Mir háte schens bäl t'Flenn. Du ko'men se, dreidusend Tirken, vun alle Seiten. Ech zúcke mei Schwert, schloen zwémol desseit an zwémol de'seit, a 15000 Käpp fle'en no riets a 15000 Käpp fle'en no lenks. Mir op Jerusalem lass. Wat war dat eng Fréd. Du háss gomengt, t'Amerikaner ke'men nés an t'Land. Mé onse Johann, dé war einfach verduft.

Denger: O je Här, an nach ier die iech de Schwéss ofgebetzt hát, war ech enervé fir érer Familien de' frédég Nouvelle ze bringen.

Ritter: Du war ech nach geplot. Denk der, ons Lisette ass an Kampf emkomm. Wat sollt ech máchen? Ech máchen Antestop, an a vollar Vitesse gong st hém.

(Den Hérolé schle't debausen t'Traum/Ritter zu der Madame:) He'er, Eulalia, elo kóntt schon t'Pompjísfanfare mir e Ständche bringen.

(Herold a Késer kommen eran. All sprangen op a verneipen sech. De Késer be-gre'sst se.

Herolá (liest erem aus enger Rull fir:) Imperialistische Verordnung: Wir, Friedrich, durch Gottes Gnade, Kaiser des römischen Reiches deutscher Nation. In Anbetracht der Heldenhaften Taten des Ritters Schlékebeseler von Haueschreck, zum Dank für treu geleistete Dienste, ernennen Wir oben-nannten zum Obritter unseres Reiches und Oberbefehlshaber unserer Leibgarde; erhöhen seine jährliche Pension auf 5000 Goldstücke monatlich auf Kosten der Steuerzahler; schmücken Wir eigenhändig seine Heldentaten mit dem Grotzkreuz unseres Hausordens. Preidrich. (Herold kommande'ert:) Garde à vous. Présentez armes! (De Ritter présente'ert sei Schwert. De Késer decore'ert de Ritter mit enger Medaille aus engem Be'erdeckel oder enger Vache-qui-rit-küsch, a get em t'accolade. Oeh den Denger kann eng Medaille kre'en fir gutes Estragen.) Madame kast dem Késer t'Hand. Se ze'en all am CortèGE of: Herold, a eser, DENGGER nam Schöld, ritter a madame. Ride)

De Ritter Schlékebeseler vun Haeseschreck zitt an de Kreissug. Monolog vum Ritter, Eenz vum 2. Akt.

Ritter: Geseis de, dät hät Schwés kascht, mé ech hun dech kritt. — Johann! Joo-
haaaaaann! A wo' ass dén? Dé schengt ugelâf ze sin. Joooohaaaaaann! Ma da sin
ech je elo sehe' belâffelt: ké Ferd me', ké Johann me', ké Wässer a ké Knetsch-
gummi me'! (kreischt) Elo aas alles eriwir, a wann ech net direkt hém bei men-
le'f a gudd Madame kommen, da kann ech mein Testament bei an de Sand schreiwir
—— Wät hun ech elo gesot? — Ech, de gre'sse Ritter Schlékebeseler vun Haese-
schreck, ech soll mech eso' licht anerkre'e lüssen? Schle't zenter virgüschter
en éner Ritterherz enert mänger Rüstang? A wann ech hénke'm, zerlumpt an zer-
fatat an ausgehengert, an t'Land get gewuer, datt ech net emol bis bei t'Parte
vu Jerusalem komm sin, wät denken dann meng Kartekollegen vum Stammbüsch, wät
sét mei Késer, a wat mecht meng Madame dann fir Aen? Da sét se rem: "Aha,
Schlékebeseler, de hues d'et mat dengem Kreissug! Ech hät der et je gesot,
du solls heihém bliwien. Mé so' ass et je emer mat iech Mänsleid; Hésscht et
vun hém fortgahn — ze'en, da sin se Feier a Flâm, an se mengen, se wiren Helder
Mé wann se renkommen, können se bäl net me' op de Bén steen." Soll ech mer
dät see lüssen? Né Madame, ären Här könnt als richtigen Held a Befreier aus
dem Kreissug erem. Wät ass schon e Perd, en Denger, Wässer oder Knetschgummi
em Vergleich zu engem echte Ritter? Schlékebeseler vun Haeseschreck, huel dei
Courage an zwé' Hänn! Stell dech a Schluechtordnung op! Wann ech elo bei
t'Mauern kommen, emzengelen ech t'Stät a bestirnen se vun alle Seiten. Da
wüssen t'Türken net, wo' se sech fir t'e'sch solle wieren, an a kurzer Zeit
ass Jerusalem vun de barbarischen Firken befreit. Den Numm vum gre'sse Ritter
Schlékebeseler vun Haeseschreck, dem Befreier vum hellege Land, get dann durch
t'ganz Welt berühmt: An allen Zeidungen stät en a gre'ssen Schlagzeilen, um
Radio get en Summer erem gengan, t'Televisio'n get extrasendungen eraus, a
meng Knetschgummimark weist meng Foto ep all senge Reclamen. — Schléke-
beseler, du hues sehe'n aussichten. Huel dei Courage beienén! Behannen ass
Jerusalem. Dät muss frei gin, dät get am Sturm geholl. Wann se meh gesinn,
da läfen se. Courage! (brüllen a nam Schwert firgoen - stirmen) A l'assaut!

Ride

A6-26

DE RUTHER SCHUCKEBECKER

VON HUBERTSCHERCK ZUM ANDE

KREI ZHUG

Unvollständiges Drama mit Bluttropfen von 3 Akten

